

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU  
Par Aff Christian, 16:06, 15/04/2021

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi den Artikel 84 vum Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

De Responsabel vun der Impfstoffstrategie vun der Agence européenne des médicaments (EMA) hat d'lescht Woch den Zesammenhang bestätegt, tëscht dem Covid19-Impfstoff vun AstraZeneca an den atypeschen Thrombosen, déi entstane sinn, nodeems de Leit dësen Impfstoff gesprëtzt gouf.

*Le Quotidien* huet den 12. Abrëll 2021 doriwwer informéiert, datt Frankräich decidéiert hätt, datt Leit ënner 55 Joer, déi schonn eng éischt Dos AstraZeneca gesprëtzt kruten, déi zweet Dos vun engem aneren Impfstoff kréichen amplaz vum AstraZeneca.

Op *spiegel.de* konnt een de 14. Abrëll 2021 liesen, datt och an Däitschland d'Gesondheitsministere vu Bond a Länner eng Decisioun an déi Richtung getraff hunn, mat där si de Recommandatiounen vun der Stänneger Impfkommisioun (Stiko) nokommen. Hei solle mat enger éischter AstraZeneca-Dos geimpfte Persounen ënner 60 Joer fir déi zweet Impfdos en anert Preparat gesprëtzt kréien.

En Dönschdeg, den 13. Abrëll, huet elo och den US-Pharmakonzern Johnson & Johnson matgedeelt, datt de Start vu sengem Impfstoff op den europäesche Maart verzögert gëtt, well och dës Pharmakonzern, wéi beim AstraZeneca, Berichter iwwer Sinusvenenthrombose kritt hätt.

An deem Kontext wëllt ech der Madamm Gesondheitsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister soen, ob Lëtzebuerg och wëllt op de Wee goen, déi mat enger éischter AstraZeneca-Dos geimpfte Persounen ënner gewësse Bedéngungen, ewéi z.B. e bestëmmten Alter, mat engem vun den anere Preparate fir déi zweet Dos ze impfen? Wann nee, firwat net?

2. Kréien déi mat enger éischer AstraZeneca-Dos geimpfte Persounen zu Lëtzebuerg de Choix tëscht dem AstraZeneca an engem aneren Impfpreparat fir déi zweet Dos? Wann nee, firwat net? Wa jo, wat ass d'Viraussetzung, fir dëse Choix ze kréien?
3. BioNtech/Pfizer a Moderna sinn mRNA-Impfstoffer, déi anescht funktionéieren, ewéi d'Vektor-Impfstoffer vun AstraZeneca an Johnson & Johnson. Kann d'Madamm Minister soen, ob a wat fir Auswierkungen dat kann hunn, wann een déi éischt Dos vun engem Vektor-baséierten Impfstoff kritt an als zweet Dos en mRNA-baséierten Impfstoff?
4. Wat bedeit eng zweet Impfung mat engem anere Preparat fir d'klinesch Evaluatioun vun den Impfstoffer, déi jo laangzäit viruleeft, och wann d'Produkter schonn am Gebrauch sinn? Riskéiert esou e Virgoen net, déi Resultater ze verfälschen an eventuell zu falsche Conclusiounen ze féieren, wa sech gesondheetlech Niewewierkunge bei deene Produkter weisen? Gëtt et eng medezinesch Onbedenklechkeetsetüd fir esou eng Approche, wat d'Laangzäitevaluatioun ugeet?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten